adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 MAI 2017
3006

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister an den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Den Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 (Nationalitéitegesetz) gesäit vir, datt eng Persoun, déi schonn 20 Joer am Land wunnt, d'Méiglechkeet huet, d'Lëtzebuerger Nationalitéit unzefroen an ze kréien. Dobäi gëtt d'Konditioun gestallt, datt de Kandidat un engem lëtzebuergesche Sproochecours vu 24 Stonnen deelhuele muss.

Dowéinst wéilt ech dës Froen un den Här Justizminister an den Här Educatiounsminister stellen:

1. Ass en offizielle Programm vun deene Sproochecoursen ausgeschafft ginn a wa jo, vu wéi enger Institutioun? Huet d'Regierung dee Programm offiziell gutt geheescht?

2. Kënnen déi Häre Ministeren zesummefaassen, wéi dëse Programm an déi eenzel Coursen opgebaut sinn? Wat sollen d'Kandidate fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit zum Schluss vun deene 24 Coursstonne geléiert hunn? Wéi gëtt dat iwwerpréift?

3. Ass ee beim Opbau vun de Coursen dovun ausgaangen, datt déi Leit, déi dorun deelhuelen, sech no 20 Joer schonn eng Basis am Lëtzebuergeschen ugëeegent hunn, oder sinn d'Coursë fir absolut Ufänger ausgeluecht?

4. Wann et sech bei dëse Coursen ëm eng Flicht handelt, wéi vill Feelstonnen, wann iwwerhaapt, ginn dann toleréiert?

5. Wéi vill Leit hunn zënter dem neie Gesetz hir Kandidatur gestallt, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit op dës Manéier ze kréien? Mat wéi engem Resultat?

6. Wéi eng Erfarunge goufen an deenen éischte Coursë gesammelt? Wéi motivéiert sinn déi Leit déi schonn op d'mannst 20 Joer am Land wunnen ouni Lëtzebuergesch geléiert ze hunn, fir elo musse 24 Stonne Sproochecoursen ze maachen, fir d'Nationalitéit ze kréien?

7. Ass dru geduecht, fir nieft dem *Institut National des Langues* (INL) nach weider Institutiounen oder Gremien ze berechtegen, fir dës Coursen ze halen an ze zertifiéieren? Wat sinn d'Konditioune fir esou eng Berechtegung?

8. Wéi eng Persoune sinn, niewent de Professere vum INL, nach eventuell berechtegt, dës Coursen ze halen an ze zertifiéieren? Den Artikel 13 vum Gesetz vum 22. Mee 2009 gëtt zum Beispill deene Leit déi en „Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur" hunn, dat Recht ënner gewësse Konditiounen de Sproochenniveau vun de Leit ze evaluéieren. Ass dru geduecht, deene Leit och d'Méiglechkeet ze ginn, déi Sproochecoursen no Artikel 28 vum Nationalitéitegesetz ze halen oder den Niveau vun de Kandidaten ze evaluéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Justice Félix BRAZ et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse Claude MEISCH à la question parlementaire n° 3006 du 18 mai 2017 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER**

Virewech wëlle mer lech matdeelen, datt mer opgrond vun den Ufroe betreffend den Artikel 28 vum Nationalitéitegesetz vum 8. Mäerz 2017 bei de Gemengen, der Justiz an der Educatioun feststellen, datt vill vun de Leit déi fir dës Dispositioun a Fro komme ganz gutt Lëtzebuergesch schwätzen an anerer schonns, wäit méi wéi 24 Stonnen a Lëtzebuergeschcourse waren aus perséinleche Grënn oder am Kontext vun hirer Aarbecht. Mir ginn de Moment dovunner aus, datt dat méi wéi 50% vun deene sinn, déi bei eis nofroen.

Mir waren eis vun Ufank u bewosst, datt déi Leit, déi fir den Artikel 28 a Fro komme, keng homogen Grupp si par Rapport zu hire Lëtzebuergeschkenntnisser. Duerfir hu mer och drop verzicht, een eenzegen an eenheetleche Programm auszeschaffen.

Den Institut national des langues huet zënter dem 1. Abrëll 5 där Coursen organiséiert, wou sech insgesamt 125 Leit ugemellt hunn. Vu datt ganz vill verschidden Niveauen am Cours präsent sinn, gëtt no engem Kaderprogramm op eng interaktiv Manéier geschafft fir déi, déi e gudde Lëtzebuerger Background hu mat deenen, déi wéineg oder kee Lëtzebuergesch kënnen, schaffen ze dinn.

D'Programmer vun den konventionéierten Träger vun der Erwuessenebildung (Service de la Formation des adultes), déi vum Minister guttgeheescht ginn "programmes agréés par le Ministre", mussen dëse Kritären entspriechen:

- D'Zilgrupp ass definéiert (Ufänger oder Persounen, déi scho gutt schwätze kënnen).
- E Programm mat Léierziler (wat d'Leit um Enn kënnen) a Formatiounsinhalter ass festgeluecht.
- Um Enn vum Cours gëtt en "Certificat de participation" vum Träger ausgestallt, dee garantéiert, datt d'Leit effektiv 24 Stonne präsent waren.
- De Cours huet mindestens 30 Stonne, fir mat anzerechnen, datt d'Leit mol déi eng oder aner Sessioun verpasst hunn.
- Eng formell Iwwerpréiwung vun de Participanten ass net obligatoresch an och am Kader vum Artikel 28 vum Nationalitéitegesetz net virgesinn.

Deenen do Kritären entspriechen d'office d'Coursen, déi a Lycéeën ofgehale ginn, an d'Coursë vun de Gemengen a Veräiner déi zënter Joren eng Konventioun mam Ministère hunn, an deenen hir Coursen all Joer erëm den "label de qualité" vun der Erwuessenebildung kréien.

Opgrond vum Nationalitéitegesetz gi mer och kommerzielle Formatiounsträger a Firmaen d'Méiglechkeet, no deenen uewe genannte Kritäre Coursë vum Minister agreéieren ze loossen.

Wat mer net kënnen akzeptéiere, si Coursen, déi vu Privatpersoune baussent engem gereegelte Kader gehale ginn oder wann een e Cours, mat engem Programm deen op 50 Stonnen festgeluecht war, no 24 Stonnen verléisst an dann eng "Attestation de participation" virleet.

Wat Attestatioune vun engem Sproochenniveau ugeet, do akzeptéiere mer den offiziëlle Sproochentest vum INL an och d'Attestatiounen, déi vum Staat ausgestallt ginn am Kader vun de Sproochenexame fir d'Kandidate vun der Fonction publique. A béiden Fäll ass jo, duerch eng offiziell Examensprozedur, garantéiert, datt déi Leit e wäit méi héijen Niveau hu wéi een duerch e 24-Stonnen-Cours kënnt erreechen.

Wéi schonns am Ufank gesot, ass d'Zuel vun de Leit déi scho Lëtzebuergesch geléiert hu ganz héich. Hir Zertifikater gi vum INL resp. vun der Erwuessenebildung validéiert, wa se de virdru genannte Kritären entspriechen. Da kënne si den Zertifikat mat den anere Pabeieren direkt op hirer Gemeng erareechen.

Zënter Ufanks Abrëll hunn den INL an d'Erwuessenebildung e puer honnert Zertifikater validéiert.

Wat lo déi Leit ugeet, déi nach kee Lëtzebuergesch geléiert hunn, an déi, déi keen Zertifikat kënne virleeën, stelle mer fest, datt d'Leit motivéiert sinn ze léieren an datt se dacks esouguer bereet sinn, e bësse méi Stonnen ze maache wa se séier e Cours fannen, deen an hirer Géigend ugebuede gëtt. Virun allem wat eeler Leit ugeet, hu mer en Appell gemaach un d'Gemengen, fir do lokal Coursen unzebidden.

Zënter Abrëll ënnerstëtzen a beroden d'Mataarbechter vun der Educatioun déi Bierger, déi ënner d'Dispositioune vum Artikel 28 fale wat de Sproochecours ugeet. Dat sinn Honnerten vun Uriff an E-Mailen an och vill Leit déi mat hiren Zertifikater laanscht kommen.

Déi Leit ginn net registréiert, well déi offiziell Prozedur jo eréischt mam Dépôt vun der Demande op der Gemeng ufänkt.

Op de Gemenge si bis dato 253 Optiounen op Basis vun Artikel 28 aktéiert gin sin.